

De Schrëftsteller als Schmuggler

JONK KËNSCHTLER AM GESPRÉICH

De Samuel Hamen iwwert „V wéi vreckt, w wéi Vitess“

Jeff Schinker

De Samuel Hamen war scho virun der Verëffentlechung vu senger éischter Erzielung keen onbeschriwwent Blat am Mikrokosmos vun enger lëtzebuergescher Literaturzeen, déi hien och a sengem Buch kritesch an humorvoll erwänt. Ëm wat et soss a sengem Buch geet, wéi relevant (lëtzebuergesch) Literatur haut nach ass a wisou kee Wierk, dat hei am Land spillt, ouni Autocann kann auskommen – dat huet hien eis op enger Terrasse zu Heidelberg verrodend.

Ongeféier 50 Joer nodeems de Poststrukturalismus erkläert huet, den Auteur wier dout, ginn et zu Lëtzebuerg eng Rëtsch Verwiesselungsgeschichten, déi op d'Austauschbarkeit vun der Persona vum Auteur hindeite kéinten. Net just gëtt den Nico Helming mat sengem Brudder dem Guy verwiesselt, nee, och de jonken Auteur Samuel Hamen huet en enger ähnlecher Konfusioun misse leiden. Virun e puer Méint huet eng wëllfriem Persoun mech op dat éischt Buch vum Samuel Hamen ugeschwat a gemengt, et wier net immens gutt. Déi Persoun géif en plus dem Auteur seng Mamm kennen a wier iwwerzeugt, si hätt Deeler vum Buch matverfaasst. Wéi ech de Samuel Hamen zu Heidelberg getraff hunn, wou de jonken Auteur u senger Doktorarbeit iwwert den Thomas Kling wierkelt, hunn ech hie mat där Anekdot confrontéiert. Dee schmuelen, schlaksegen Auteur, deen, esoubal en eng Mutz undeet, e bëssen ausgesäit, wéi wann hien aus engem vun deene „Wo ist Walter?“-Kannerbicher entlaf wier, fir net fonnt ze ginn, huet just kuerz gelaacht. Den Oscar Wilde sot bekanntlech emol: Egal ob am Gudden oder am Schlechten, Haaptsaach et gëtt vun der geschwat.

„V wéi vreckt, w wéi Vitess“ ass dem Samuel Hamen, deen an der Literaturzeen duerch sëllegen Artikelen (am *Land*, bei der *Zeit Online*, an diverse Kulturbäilagen vum *Tageblatt*) scho säit laangem fir Opmerksamkeet suert, seng éischt méi laang Erzielung. D'Buch erzielt an zéng Kapitel vum Devid Risch senger e bësse verschassener Existenz, déi en haaptsächlech mat onrouegem Ronderëmtrëppelen, dem Ophuele vu Voice Message un de Guy Helming a laange Seancë beim Dr. Coster verbréngt.

Dem Devid Risch, deen tatsächlech esou heescht (et ass keen Tippfeeler, deen dem Verfaasser vun dësen Zeilen oder engem Lapsus an eiser Korrektur unzékraide wier), seng Vergaangenheet ass nämlech, säit a senger Famill plus ou moins all Mënsch gestuerwen ass, net onbedéngt eng Success Story, wéi se haut jiddereen erziele wëll. „Ech hunn esouguer dräi oder véier Stierffäll erausgeholl – well ech gemierkt hunn, dass et der einfach ze vill waren.“

Dobäi kënnt, dass d'Struktur vun der Erzielung ëmmer e bësse schif ass – während senger Seancë mécht den Erzieler dem Dr. Coster d'Liewe bewosst schwéier, well hie sech fir seng Seancen ëmmer nees Erzielungen a Spréch zerechtleet. Ewéi wann hie seng Therapie méi als verbal Schachpartie ewéi als méigleche Wee zur psychescher Gesondheet géif gesinn. Doranner erënnert den Devid Risch dann och e bëssen un dem David Foster Wallace säin Hal Incandenza, dee sengem Therapeut och ëmmer just dat fiddert, wat d'Psychoanalyse sech grad erwaart.

Erzielen ass Manipuléieren

„D'Iddi, fir net vun A no B ze erzielen a fir mat Stéierungen an der Narratioun opzewarden, leeden ech dorraus hier, dass et momentan eng relativ kitscheg Manéier gëtt, ze erzielen. D'Konzeptualiséierung dovunner, wat eng Erzielung ass, ass den Ablack zimlech banal: Jiddweree muss sech selwer fillen, fir sech selwer kënnen ze erzielen, sech selwer erzielen, fir sech selwer kënnen ze

presentéieren. Jiddweree brauch haut eng eege Geschicht. Ech wëll dat net als idiotesch ofdinn, mä einfach weisen, dass et guer net esou einfach ass, sech selwer ze erzielen. De Versuch, eng Kohärenz am Liewen ze erreechen, andeems een sech et erzielt, dat wëll ech problematiséieren. Et gëtt momentan eng Reklamm vu Lotto, déi 'Erzähl dich selbst' als Slogan huet – wat suggeréiert, dass ee muss Erfolleg gehat hunn, fir sech an enger Geschicht dierfen ze veréiwegen. Dass et eréischt dann interessant ass, säi Liewen an den Deeg vun enger Geschicht ze knieden. Dofir wollt ech mäi Personnage scheitere loosse – fir gläichzäitig och ze weisen, dass et vläicht net néideg ass, sech selwer ze erzielen“, erkläert den Auteur.

Wann de Samuel Hamen bis un d'Rulle kënnt, da leeft de Motor, fir an dem semantische Feld vun der Vitess ze bleiwen, op eemol op Héichtouren. Während mir zu Heidelberg op enger Terrasse setzen – mir wäerte gläich mussen eragoen, well d'Gespréich sech agreabel zitt an d'Serveuse wuel fäert, dass mer op engem Méindegowend mat eisem literaresche Gebraddels d'Nopere stéieren –, erënnert sech de Samuel un zwee Interviewen, déi hie kuerz hannertenee gelies huet. Deen éischte war mam T.C. Boyle, deen zweete mam Tom McCarthy. Déi zwee ware sech eens: Literatur ist Verführung.

„An dat stëmmt: Et gëtt ëmmer eppes Manipulatives an der Literatur. Well een dem Lieser jo wëll virmaachen, dass eppes ass, wat effektiv net ass. A menger Erzielung dreiwen ech dat op d'Spëtzt. Well den Devid net ëmmer ganz éierlech mam Dr. Coster ass. An och net mam Lieser. D'Lieserschaft muss sech selwer d'Fro stellen, ob dat stëmmt, wat hir erzielt gëtt.

An deem Sënn gëtt et duerno eng Aart politesche Message – dee seet, dass een sech net alles soll erziele loosse.“

E puer Sätz, déi fonkelen

A senger Erzielung hu mer also eng Figur, déi net total zuverlässig,

awer och net total onzuverlässig ass – well et dem Samuel Hamen net ëm Kategorië geet, mä dorëms, Kategorië wibbelen ze loosse.

„Et geet drëms, de Lieser op der Säit ze behalen – duerch eng spannend Geschicht oder interessant Personagen – an am selwechten Ablack eppes eranzeschmuggelen – ee kriteschen Ament, eng Reflexioun, iwwert d'Form vun Beispill, déi iwwert den Entertainment erausgeet. Dat ass fir mech déi grouss Erausforderung un d'Literatur. Mä et geet och dorëms, 134 Säiten ze schreiwen, fir dertëscht dräi oder véier Sätz ze hunn, déi wierklech wouer sinn. Sätz, déi da glënneren kënnen, well se schéin, absolut oder wouer sinn. Déi Passagé kënnen awer och just fonkelen, well s de de Rescht ronderëm hues.“

A verschiddene Passagen entwéckelt de Samuel eng Aart Metaphysik vun der Technologie – Message, déi op engem Kanal defiléieren, deen net méi kann opgeruff ginn, eng Black Box als Raum vu purem Text, eng Residence, déi vun engem Grousscomputer am Keller kontrolléiert gëtt. Um Ufank vum Buch erwänt hien déi SMSen, déi während der Sendung „Planet RTL“ ënnen um Ecran ofgelaf sinn, a stellt sech vir, dass déi Norichten nach ëmmer op engem Kanal, deen et net méi gëtt, an d'Eidelt eralafen.

„D'SMS si brav an zuverlässig vu lénks no riets gelaf, ëmmer nees, ëmmer weider, d'sechst Schouljoer zu Réiden krut Moie gesot, cool Leit ënner 16 sollte sech ënner 091 766 415 mellen an de Luc an de Jeff aus der 7ième 3 sinn déi schéinste Jonge vun der ganzer wäiter Welt. An ëmmer sinn d'SMSen zum Schluss um Bord verschwonnen, wéi wa se an ee Schlond gefall wieren, fir dann awer wéi Gesichter nees opzetauchen, zwee, dräi, véier Mol. Heiansdo, wann ech 'Lemon Tree' nees héieren oder a Réiden eraufieren, froen ech mech, op all déi SMSen archivéiert goufen, ob se vläicht esouguer haut nach weiderlafen, op enger geheimer Frequenz, déi mir net empfanke kënnen, ee Witz vun engem RTL-Techniker, opgesat zwee Deeg viru senger Pensioun, a wann ech dann do-



Et geet och dorëms, 134 Säiten ze schreiwen, fir dertëscht dräi oder véier Sätz ze hunn, déi wierklech wouer sinn. Sätz, déi glënneren, well se schéin, absolut oder wouer sinn.

runner denken, un all déi Messagë vu viru sou ville Joren, dorunner, wéi se duerch een eidelt Bild lafen, mat Nummeren, déi et net méi gëtt, mat Nimm vu Leit, déi vläicht dout sinn, mat Léiften, déi zerspronge sinn, wann ech dat alles probéieren, an enger Sekonn zesammenzedenken, déi deemoleg Loscht um gudden Liewen, da bascht mir bal de Kapp vrun Trauregkeet.“

Eng technologesch Metaphysik

„Déi Iddi vun den RTL-Messagë fannen ech immens romantesch“, seet de Samuel. „An et ass eng Virstellung, déi mech immens tréisch – dass déi Géigewaart vun deemools nach iergendwou existéiert. D’Konzept vun engem technologeschen Raum, dee späichert, ouni musse vu Mënschenhand – a vun der sou mënschlecher Sënnstëftung – beaflosst ze sinn an dee fir sech stoe kann: Dat ass fir mech een utopeschen Raum, deen e bëssen der Situation vun der Therapie widderschwätzt, well do all Wuert ëmmer ee Sënn muss maachen.“

De Samuel Hamen war laang Zäit och Literaturkritiker fir Luxemburgensia an huet am *Journal* eng sëllegen Auteuren interviewt. Zënter datt hie selwer vun der rezeptiver Positioun vum Kritiker op déi kreativ Stellung vum Schrëftsteller gewieselt huet, verfaasst hien allerdéngs keng Kritike méi iwwer lëtzebuergesch Literatur. „Ech si frou, un der Dynamik, déi am Moment an der Literaturzeen existéiert, deelzehuelen – via d’Frankfurter Buchmesse, zum Beispill – mä ech si frou, net méi musse vu baussen ze kommentéieren an ze kritiséieren. Ech empfannen dat als eng Aart Befreiung. Déi ganz Kritikerzeen zu Lëtzebuerg gëtt iergendwann ze gemittelt, an doduerch redundant – an Däitschland ass d’Iddi vu Kritik historesch a strukturell vill méi etabléiert. Do gëtt et Kritiker an Auteuren, an dertëscht ass eng kloer Trennlinn. Am angloamerikaneschen System ass et de Géigendeel – do vermëscht sech alles. Ech gesinn déi strikt Rollentrennung mëttlerweile manner dogmatesch. Mä éierlech gesot: Dëst Joer si bis elo wéineg Wierker bei eis am Land erauskomm, déi ech Loscht gehat hätt, ze rezenséieren.“

Vollgepaakt mat Referenzen

Dass de Samuel Hamen scho laang Deel vum Mikrokosmos vun der lëtzebuergescher Literaturzeen ass, mierkt een och senger Erzielung un: Eng „Désœuvres“-Liesung am Café-Théâtre Rocas mam Tullio Forgiarini steet direkt um Ufank vum Buch, ee Kölner Schrëftsteller kann ee relativ séier als de Guy Helminger identifizéieren an iergendwann trëppelt och ee goueregen Typ mat ronner Brëlleglieser duerch d’Stad a grommelt Wieder an een Handy – den Tom Nisse ass wuel grad amgang, „Une vérification de l’origine“ ze verfaassen.

„Ganz genee“, mengt de Samuel. „Ech hu souguer den Datum vun der Handlung duerno ugepasst, fir dass meng Haaptfigur deen nammlechten Dag duerch d’Stad leeft ewéi den Tom Nisse – dee säi Buch schliislech och datéiert huet – a fir dass déi zwee sech esou kënnen begéien – oder zumindest laanschteneelafen.“

Dat Verwësch vum de Grenzen tëschent der Fiktioun ass ee literarescht Spill, dat fir de Kenner vun der Literaturzeen immens interessant ass – an awer kéint et riskéieren, all déijéineg, déi de klengen Milieu net kennen, ze desorientéieren.

„Ech wollt dofir een duebelt Buch maachen, ee Buch, dat een op zwee Niveaue liese kann, ouni dass esou eng Hierarchie sollt entstoen – d’Buch soll och ze verstoe si fir déi, déi den Tullio Forgiarini an d’Claudine Muno net kennen. Well déi Passagen an engem generelle literareschen Zirkus opgehuewe ginn: Et soll ee Gefill dofir ginn, wéi Liesungen oflafen, wéi eng Motiver d’Leit hunn, fir ze liesen an ze schreiwen. Ech hunn den Androck, dass zu Lëtzebuerg de Virwurf vum Elitarismus méi séier nach wéi an anere Länner gemaach gëtt. Ebe grad esou Reproché wollt ech verhënneren. Well engersäits hunn ech Angscht, ze plakativ ze schreiwen. Dat huet dann als Géigewierkung natierlech, dass een duerno fäert, ze kryptesch ze sinn.“

Nieft enger Trilogie an de „Cahiers luxembourgeois“ ass „V wéi vreckt, w wéi

Vitess“ dem Samuel seng éischt méi substantiell – am Sënn vun hirer Längt – literaresch Produktioun. Stellt sech also, wéi fir all nationalen Auteur, déi éiweg (an ëmmer nees passionant) Fro vun der Sproochwiel – dem Samuel seng journalistesch Produktiounen virdru waren op Däitsch an op Lëtzebuergesch, wouwéinst déi zwou Sproochen a Fro komm wieren.

Eng Saach vun der Präzisioun

„Um Ufank gouf et eng zwou Zeenen, déi op Lëtzebuergesch geschriwwen goufen. Et war als éischt eemol en Test: Wéi débrouilléieren ech mech, deen net säit Joerzénge mat der lëtzebuergescher literarescher Sprooch a Kontakt war, fir ee literareschen Text op Lëtzebuergesch ze schreiwen? D’Iddi war och, dass ee sech eng eege Sprooch erschafe kann. Op Däitsch bass de eventuell méi begrenzt well s de esou vill gelies hues – well s de deng Lektüre scho gemaach hues, déi dech (méi oder manner onfräiwëlleg) inspiréieren. Dohir gëtt et am Lëtzebuergesche zwar méi Fräiheeten, mä och ee gewëssent Konfliktpotential: Bestëmmten Zeene, Schreifweisen, Ausdréck muss een sech als éischt eemol erschafen. Wichtig war fir mech de präzisen Émgang mat enger literarescher Sprooch. Déi Präzisioun an der Kommunikatioun feelt mer hautdesdaags nämlech ëmmer méi.“

Et ass des Präzisioun, déi och den Erzieher, den Devid Risch, deem seng Elteren et an der Wiel vum Numm effektiv wuel net esou genee mat der Sprooch geholl hunn, ausmécht: Wéi hien an enger Dageszeitung liest, dass de gekäppte Kierper vun enger Joggerin „an einem Stahlseil gebaumelt“ hätt, reegt hien sech immens iwwer d’Verwiel op: „Kannerféiss baumele vu Still erof, okay, vu mir aus baumelt och d’plätschnaass Wäsch un der Léngt, wann ee Loftstouss doduerch geet, awer ee Kierper, denken ech mir, ee gekäppte Kierper (...), dee baumelt dach net einfach sou ronderëm.“

„V wéi vreckt, w wéi Vitess“ läit ënnert Manuskriptform schonn eng Zäitche fäerdeg am Tirang. Bis d’Buch dunn endlech erauskomm ass, ass eng gewëssen Zäit vergaangen. Am Text gëtt et eng gewëssen Exubérance an de Biller, déi normal ass fir ee jonken Auteur, dee wëll weisen, wat hien alles kann. De Samuel gesäit dat ähnlech: „Natierlech ass et ee Show-off-Buch. Bei engem neie Projet – een anere lëtzebuergeschen Text –, un deem ech grad schafen, halen ech mech mat de Biller vill méi zréck, versichen, se besser ze doséieren, se méi präzis ze setzen an och dofir ze suergen, dass dat eent Bild deem aneren net widderschwätzt. Am neie Projet gëtt et manner Metapheren, déi dann awer nach méi schif sinn.“

Nieft dem metapherräichen Text fënnt een am Buch awer och eng verschachtelt Skizz vun enger post-apokalyptescher Fiktioun, déi de Risch dem Helminger (Guy) op Band schwätzt – an eng Rei vu Fotoen, déi verschiddeenen Elementer vun der Erzielung verdäitlechen. Och hei wierkt d’Buch duerchgedronge vun Technologie – well ee keng zäitgenëssesch Reflexioun iwwer eis Existenzen an d’Positioun vun der Literatur an diesen Existenze ka féieren, ouni den technologesche Paradigmewissel mat anzubauen.

„Et gëtt momentan eng bëlle als falsch Loscht un der Apokalyps, et existéiert eng dystopesch, dekadent Loscht un dem Enn vun der Welt. Ech wollt déi Loscht engersäits affirméieren – ech gesinn dat jo och, dee momentane Verfall –, mä se awer kritesch analyséieren. Beim Risch ass dese Besoin no der Apokalyps engersäits psychologesch, well en net eens gëtt, mä och topologesch, well en zu Lëtzebuerg net eens gëtt.“

Den Auto als lëtzebuergesch Obsessioun

„Wat elo d’Fotoen ubelaangt: Gutt Géigewaartsliteratur ass virun allem Formreflexioun. A sou muss ee kucken, mat wat Literatur konkurréiere muss – mat Online-Serien, mat dem Internet. Ee kuerzt Beispill: Bei *Zeit Online* huet een Artikel, bei deem ech matgewierkt hunn, et no fënnf Deeg an d’Top 5 vun de meeschtgeliesene Kulturartikele gepackt. Dunn ass en Artikel iwwer „Die besten Serien im Juli“ verëffentlecht ginn – an deen huet bannen zwielf

Stonnen de Buch-Artikel getoppt. Et muss a soll een säi mediale Kontext ëmmer matdenken. Et geet ëm de Bonus vum Text vis-à-vis vum Bild an ëmgedrënt.“

Mir sinn entre-temps gebiede ginn, eis eranzesetzen. Banne leeft iergendeen austauschbaart Lidd um Radio, dat ech net identifizéiert kréien. Baussen héiert een d’Autoe laanschtauwen, et ginn der ëmmer manner, well zu Heidelberg ee Méindegewend éischter u Lëtzebuerg wéi u Berlin erënnert. Wat mech drun denke léisst, dass den Auto an d’Vitess zentral Elementer vum Samuel senger Erzielung sinn.

„Ech kenne kee Land, dat méi obsedéiert mat Autoen ass wéi Lëtzebuerg – an dat ass kee Kompliment. Et ass dee Moment scho bal organesch, dass d’Autoen eng Roll am Buch spillen. Eist Land ass esou materialistescht, dass et bal net geet, eng lëtzebuergesch Geschicht ze erzielen, déi ouni Auto auskënnst.“

Wou de Samuel sech a fënnf Joer gesäit – eng vun de langweiligen Textbuchfroe fir oninspiréiert Journalisten –, froen ech hien eleng dowéinst net, well hien, soubal d’Thema vu senger kommende Projeten opkënnst, ofwénkt: „Entrepreneur culturel fannen ech ee ganz fuerchtbaart Wuert. Ech wëll mech net als ee gesinn, wëll kee Plang opstellen, a wéi eng Richtung ech mech entwéckele muss oder soll – wéi wann eng Produktiounssteigerung erwënscht wier.“

Eng erfreschend Attitud an enger Zäit, wou ëmmer méi verlaangt gëtt, dass de Kënschtler sech als Entrepreneur soll gesinn. „D’Konscht projezéiert een eegene ästhetesche System. Ebe grad an deem System kann ee sech nach géint d’Ideologie vum Marché wieren – wouwéinst ech d’Fro, wou ech mech a fënnf Joer gesinn, mat engem defätistesche Schmonze beäntweren. Vläch hunn ech näischt, vläch hunn ech dräi Bicher erausbruecht.“ Loscht hätt de Samuel enger Graphic Novel – wéinst der Hybridisierung vun de Formen.

Et bleift op alle Fall eng spannend Zäit fir jonk Auteuren: „Et gouf keng besser Zäit, fir ze probéieren, zu Lëtzebuerg Literatur ze schreiwen. Et gëtt eng Loscht, eng Dynamik, an du hues Acteuren, déi motivéiert sinn. Mä et geet och elo net drëms, dat just pauschal ze glorifizéieren – et gëtt ëmmer gesot, a widderholl, et wier alles

wibbeleg. Mir ass d’Praxis dohannert wichtig – wat wierklech méiglech ass.

Natierlech ass et och eng naiv Iddi, ze mengen, datt et elo eng grouss strukturell Literaturoffensiv gëtt, just well et elo Frankfurt a méi jonk Auteure gëtt. Et freet ee sech schonn, wann iwwerhaupt eppes geschitt. Ech sinn do vläch op eng desillusionéiert Manéier pragmatesch. Et gëtt keng grouss Lieserschaft fir Luxemburgensia an déi wäert et fir mech och ni wierklech ginn. Et sief dann, et wier am Kader vum Opkomme vun engem nationalistesche Gefill. Mä wann aus deem Grond méi Leit mech géife liesen, wéilt ech dat iwwerhaupt net.“

Op des pragmatesch Astellung hu mer kuerz mat eisen Espresso-Tasen ugestouss, éiert de Restaurant eis an d’Heidelberger Nuecht entlooss huet.

Ech wëll mech net als Entrepreneur culturel gesinn, wëll kee Plang opstellen, a wéi eng Richtung ech mech entwéckele soll oder muss – wéi wann eng Produktiounssteigerung néideg wier

Samuel Hamen